



ass - an och do wëll ech net op den Detail agoen, et gëtt nämlech Ënnerscheeder tëscht Retentionen, Mëschsystem, Trennsystem an esou weider -, mengen ech, datt déi, déi am Land fir den Ofwaasserberäich zoustänneg sinn, misste matgeruff ginn, direkt matinforméiert ginn. Well si wëssen am beschten, wou muss reagéiert ginn, fir datt a sech d'Läschwaasser zum Beispill net an d'Waasser geëit.

An deem Sënn, mengen ech, datt et derwäert wier, dee ganze Volet, sougutt grenziwwerschreidend wéi och national, eng Kéier op de Leescht ze huelen.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren an, ech soen et nach eng Kéier, mir ginn natierlech den Accord vun der CSV-Fraktioun. Merci.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools. An ech wëll direkt d'Wuert weiderginn un den honorabelen Här Gusty Graas. Här Graas, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Gusty Graas (DP).** - Merci, Här President. Ech mengen, et ass leider eng Tatsaach, datt mer um Niveau vum Gewässerschutz hei zu Lëtzebuerg nach ganz grouss Problemer hunn. Een, deen de Contraire seet, dee seet d'Wourecht net! Da soll en dat einfach esou agestoen, datt mer nach ganz vill Hausaufgaben ze maachen hunn. A besonnesch, wa mer iwwert den Uewersauerstauséi schwätzen, da beweege mer eis an enger ganz sensibeler Regioun. Schliisslech kënn d'Hallschent vun eise Drénkwaasser aus där Géigend.

D'Vergaangenheet huet bewisen, an den Här Kaes huet elo zu Recht dro higewisen, wat en Accident kéint bewierken. Mee mir hate scho schlëmm Accidenter douewen. Ech erënneren zum Beispill vun dee vun 1990, wéi e Camion mat Monochloressaier zu Maartel ëmgetippt war a wéi dann eng ganz héich Quantitéit vun deem cheemesche Stoff do an d'Sauer gelaf ass. Biologesch jiddefalls war d'Sauer deemools dout an et waren och ganz grouss Problemer um Niveau vun der Drénkwaasserversuergung entstanen. Wann eise Frënd Alex Bodry nach heibanne wär, dee kéint eis do vill méi soen, well hie war deemools Ëmweltminister.

Bei där Konventioun hei, an dat ass eng ganz wichteg, ouni Zweifel, geet et jo an éischter Linn ëm d'Kläre vun den Ofwässer. Et muss een och do ganz éierlech soen: De Bau vu Kläranlagen ass ëmmer nëmmen eng Symptombekämpfung. Mir lafen do e bëssen deem Problem hannendrun - obwuel et och luewenswäert ass, dass mer Kläranlage bauen.

An den Här Kaes, dee weess dat vill besser wéi ech. De SIDEN douewen ass jo amgang, grouss Efforten ze maachen, fir nach Dierfer unzeschleissen, déi am Moment nach net an deem Sënn ugeschloss sinn. Ech mengen, dat ass alles luewenswäert, mee mir müssen eis awer ëmmer bewosst sinn, datt d'Preventioun am Endeffekt vill méi wichteg ass. An dowéinst muss och dorobber nach vill méi opgebaut ginn, well et gëtt leider nach ze vill häuslech, ze vill industriell Ofwässer, déi och iwwert d'Niewegwässer vun der Sauer an de Stauséi kommen.

Ech mengen, eleng schonn d'Tatsaach, datt mer all Joers mat dem Problem vun de Cyanobakterien um Stauséi beschäftegt sinn, dat seet genuch. Ech wëll nämlech soen: Dat ass keen neie Phänomeen! Ech hunn nach eng Kéier d'Debatte vun 1981 nogelies, wéi déi Konventioun hei u sech fir d'éischt ënnerschriwwen ginn ass. Den deemolege Rapporteur, dat war de Bob, huet schonn drop higewisen, wat fir Problemer datt mer um Stauséi hätte mat der Algeproduktioun. Also, dat war 1981, dat ass also näischt Neies. Et schéngt awer, wéi wa mer net allze vill bäigeléiert hätten, well mer hunn nach ëmmer de Problem.

Da bréngt déi Algeproduktioun natierlech och - an d'SEBES-Verantwortlech wëssen dat vill besser - fir d'Opbreedung vum Drénkwaasser Problemer mat sech. A schlussendlech schuet et och dem Tourismus, besonnesch an de Summerméint.

Natierlech si mer da ganz séier bei der Landwirtschaft. Ech wëll awer och hei ganz kloer ënnersträichen: Et ass falsch, d'Landwirtschaft eleng zum Buhmann ze maachen. Op där anerer Säit muss een awer och esou éierlech sinn: Et sinn eng Rei vu Praktiken, déi awer och müssen an och kënnen a Fro gestallt ginn, besonnesch wat ronderëm de Stauséi ass. Ech weisen zum Beispill och op de Problem vun Düngen hin an zitieren hei eng Etüd, „Bilan nutritif“ vum LIST, déi zum Beispill soen: „Die Düngung von Grünland sollte unter die Lupe genommen werden und in kritischen Bereichen extensiviert werden.“ Jo, dat ass richtig, dat ass wichteg.

Mir müssen also dorobber och hischaffen a mir müssen och zousätzlech Schutzzonen amenagéieren. Mir wëssen, datt et natierlech gewësse Spannungen do gëtt: tëschent der Landwirtschaft enger-säits, dem Naturschutz anerersäits. Mee an engem konstruktive Gespréich misst et awer méiglech sinn, do weiderzekommen.

Ech verweisen och hei op eng ganz interessant Initiativ, der LAKU, déi jo elo versicht, do e bësse méi

nohalteg dann och d'Landwirtschaft opzebauen. Leider koun et jo do och alt erëm zu gewëssene Problemer. Vlächcht kann d'Madamm Dieschbourg herno soen, wéi d'Situatioun de Moment do ass.

Dann ass eng ganz rezent Initiativ elo: „Käre vum Séi“. Den 9. Februar ass déi gegrënnt ginn. Do hunn 19 Betriber sech zesummegegess, fir esou nohalteg wéi méiglech dann eeben och Kären do ze produzéieren am Beräich vum Stauséi.

Jiddefalls hoffen ech och, datt dee Projet de règlement grand-ducal, deen da soll déi nei Schutzzonen douewen ausweisen, wäert zu Verbesserunge féieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass also evident: Wa mer en effikasse Schutz vun Uewersauerstauséi wëllen hunn - et geet jo prinzipiell hei dorëms -, da kann dat nëmme mat enger grenziwwerschreidender Zesummenaarbecht mat eise belschen Nopere geschéien.

Et ass och wichteg, datt eng equitabel Opdeelung vun de Käschten do soll entstoën. Duerfir gëtt jo all véier Joer eng Revisioun gemaach, wou dann eeben déi Quote-parten nei analyséiert ginn. An et dierf een och net vergiessen, datt et natierlech eng Rei Bauere gëtt, Lëtzebuerger Baueren, déi Terrainen an der Belsch hunn; och ëmgedréit. Dat bréngt natierlech och eng Rei Problemer mat sech.

Mee ech verweisen och do op den Artikel 9 Paragraph 3 vun der Konventioun, wou et jo drëms geet, datt d'Bauere sollen och d'Donnéeë matdeelen. Ech weess, dat ass e relativ kriddlegen Domän. Donnéeën, zemools an eiser Welt hei, weiderginn, dat ass ëmmer eppes, wou ee ganz retizent muss sinn. Ech hoffen awer, datt deen Echange vun Informatiounen trotzdeem wäert e gewëssene Floss kréien.

Vlächcht eng ganz kuerz Remark, déi den Här Kaes awer zu Recht gemaach huet, och iwwert déi grenziwwerschreidend Zesummenaarbecht am Fall, wou et zu Problemer kënn. Dir hutt den CGDIS ugeschwat. Ech wëll dat elo net hei verdéiwen, mee et wësse mat Sécherheet verschidde Kolleegen heibannen, datt vum CGDIS eng Ufro komm ass, datt eeben déi Ofwaassersyndikater hinnen Donnéeën zur Verfügung stelle sollten iwwert de Réseau. Bon, ech wëll dat elo net hei verdéiwen. Ech mengen awer, mir sollten eng Kéier doriwwer schwätzen. Méi wëll ech zu deem Punkt awer haut elo hei net soen. Dat kann op enger anerer Plaz eng Kéier nogeholl ginn.

Jiddefalls, déi Konventioun hei ass e gutt Beispill vun enger grenziwwerschreidender Zesummenaarbecht. Mir brauchen dat. Grad mir als Lëtzebuerger brauchen dat, net nëmmen um Niveau vum Gewässerschutz. Mir brauchen et op ganz villen Domänen. Mir hunn also all Interêt, eis do mat eise Partner ëmmer ze concertéieren an esou Konventiounen ofzeschleissen.

Duerfir ass et fir eis als Demokratesch Partei jiddefalls eng Evidenz, datt mer där Konventioun hei och eisen Accord ginn. Ech wëll awer och der Madamm Empain nach Merci soe fir hir verschidde Rapporten. Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - D'Wuert geet direkt un den honorabelen Här Georges Engel, net ouni awer dem Här Gusty Graas Merci ze soen.

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - Merci, Här President. Merci der Madamm Empain fir hire schrëftlechen a mëndleche Rapport. Effektiv, d'grenziwwerschreidend Zesummenaarbecht ass iwwerall wichteg, an och hei an der Waassergestioun. An de Schutz vun der Uewersauer läit eis alleguerten um Häerz. Dat heiten, dat ass eng Konventioun, déi geet an déi richtig Richtung.

Ech ginn heimadder den Accord vun der LSAP.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Engel. Da wier et um honorabelen Här Fred Keup. Här Keup, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Fred Keup (ADR).** - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, merci och der Rapportrice fir de gudden Rapport. Ech probéieren, mech och kuerzefaassen, wéi den Här Engel. Hien huet dat ganz gutt gemaach. Et geet hei ëm Ofwaassersanéierung, Quellschutz an dorëm, derfir ze suergen, dass de Buedem an eist Waasser propper bleiwen. Ech mengen, dat ass jo eppes, wou jiddwereen nëmme kann zoustëmmen, dass mer dat solle maachen. Mir sollen eist Waasser schützen! Mir sollen eis Flora, eis Fauna schützen. Mir musse proppert Drénkwaasser hunn.

Dass mer dat hei mat engem anere Land maachen ... Iwwregens, komescherweis muss mer da mat der Region Wallonie verhandelen. Et wier vlächcht awer méi interessant gewiescht, fir - mee dat ass hire Problem - mam Land ze verhandelen, dass do déi verschidde Kläranlagen nach dem Beispill kënnen zesummeschaffen.

Iwwregens, do ass och interessant: Do wuesse jo praktesch déi al Uertschaften erëm zesummen: Maartel a Roumecht an da Sterpenech, dat jo fréier och zur Gemeng Stengefort bis 1839 gehéiert huet.

Déi schaffen also elo erëm zesummen. Ech mengen, dat ass ganz wichteg.

D'Waasserleef, déi mir am Land hunn, kommen zu engem groussen Deel aus dem Ausland: d'Aïsch, d'Sauer, d'Atert. Mir hunn also och als Land iwwerhaapt strateegesch Interessen, fir do matschwätzen ze kënnen. An deem Sënn ass dës Konventioun natierlech immens gutt. Tipptopp, gutt gemaach! A mir stëmmen déi natierlech mat. Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Keup. Da geet d'Wuert un den honorabelen Här David Wagner.

(Interruption)

Dat schéngt net de Fall ze sinn. Da wier et um honorabelen Här Marc Goergen.

■ **M. Marc Goergen (Piraten).** - Merci, Här President. Och mir maachen et ganz kuerz. Merci dem Stéphanie Empain fir de schrëftlechen a mëndlechen Rapport. An och mir wäerten eis Zoustëmmung ginn.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Ëmweltministesch Carole Dieschbourg.

Prise de position du Gouvernement

■ **Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable.** - Bon, fir d'éischt emol e ganz grouss Merci fir dee gudden mëndlechen, awer och schrëftlechen Rapport vun der Madamm Empain. A merci och allen Intervenantë fir déi grouss, ech mengen, eenheetlech Ënnerstëtzung hei vun där Konventioun, déi mer jo elo mat der Wallonie maachen an net méi mat der Belsch a sech. Déi ersetze mer jo eebe grad, well do d'Kompetenze geännert hunn.

An ech mengen och, dass et ganz wichteg ass, hei ze soen: Mir ersetzen eng Konventioun, wou et haaptsächlech ëm d'Ofwaasser giong an ëm d'Zesummenaarbecht an deem Beräich, mat eppes, wat haut wierklech méi wäit geet: Dat ass d'Gülleausbréngung, d'Nitratdirektiv, d'Ëmsetzung, den Echange vun Donnéeën, eppes, wat ëmsou méi wichteg ass, wa mer jo bedenken, dass bal zwee Drëttel vun eiser Schutzzon ëm de Stauséi awer eng Zesummenaarbecht mat der Belsch bedeuten, well Deeler dovun, vum Anzuchsgebitt natierlech an der Belsch leien. Dofir ass et ëmsou méi wichteg, deen drëtte Volet vum proaktiven a preventiven Drénkwaasserschutz ze stäerken, grad well mer wëssen, dass de preventive Volet ee vun deene wichtegsten ass.

Grenziwwerschreidend schaffe mer beim Gewässerschutz also och hei zesummen, nodeems mer a sech déi aner Beräicher, wat d'Musel ugeet, mat Däitschland, Frankräich, an deene groussen internationale Konventiounen, am Kader vun der Rhein-Schutz-Konventioun oder der Musel-Saar-Konventioun, maachen. Esou ass et elo hei och mat der Belsch eeben, wat dës Volet ugeet.

E puer Saache wollt ech der Chamber dann awer vlächcht och nach matdeelen. Et gouf eebe grad vun eise wichtegsten Drénkwaasserreservoir an dem Règlement geschwat. Do krute mer jo elo en Avis vum Staatsrot, soudass mer elo do weiderkommen. Dat heescht, dee Règlement fir d'Schutzzon wäert elo geschwé publizéiert ginn an da kënnst déi nächst Phas. Da kënnst déi Phas, wou mer d'Mesuren ausschaffen.

Et ass a sech e gellege Moment, dass mer elo dat heiten hei an der Chamber zum Vott stoen hunn, well duerno kënnst jo dann och nach eng Kéier erweidert déi Zesummenaarbecht am Drénkwaasserschutz mat de belsche Kolleegen. Ech hunn och nach mat der Madamm Tellier, der wallounescher Ministesch, geschwat. Si müssen hir Etappen nach maachen. Mir sinn also elo eng Nueswäit vir, wann dat haut elo hei an dësem Parlament votéiert wäert ginn.

Da wäert an der LAKU och am Abrëll d'Generalversammlung sinn an da wäerte mer gesinn, wat, mengen ech, eebe ganz wichteg ass: grad mat den Acteuren, mat dem SEBES, mat de Gemengen, mam Naturpark grad elo, wou mer dann de Règlement kréien, och déi nächst Etapp ulafen ze loossen an d'Mesurë kloer op eiser Säit gemeinsam mat der Regioun auszeschaffen an dann eeben och deen Echange fir déi gemeinsam Mesuren - wat haut hei zum Vott steet - nach eng Kéier ze verstärken an och do finanziell Méiglechkeeten ze ginn, duerch Kontrakter bei de Gebidder e preventive Schutz ze maachen.

An da kann ee jo och iwwerleëen, wéi eng preventiv Mesuren een an déi Debatte materbréngt. Siehe déi Tëschefäll, déi mer schonn haten. Ech mengen, mir léiere jo aus der Vergaangenheet. De Gewässerschutz beinhalt jo vlächcht och, wéi mer eis nach besser organiséieren. Woubäi ech awer wierklech wëll betounen, dass bei dem Tëschefall un der Atert d'Autoritéite wierklech schnell a gutt an onkomplizéiert matenee geschafft hunn.

Also dofir: Dat heiten ass e ganz, ganz wichtige Schrëff fir déi verstärkt Zesummenaarbecht mat der Wallonie. D'Aktionsfeld gëtt erweidert. Et ass de Respekt vum Prinzip - den Aly Kaes hat dee genannt - Pollueur-payeur, dat heescht, mir sinn och kohärent mat den Direktiven.

Dofir soen ech Iech Merci fir déi grouss Ënnerstëtzung an dësem Beräich.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools der Madamm Ëmweltministesch Carole Dieschbourg. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7488. Den Text steet am Document parlementaire 7488*.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7488 et dispense du second vote constitutionnel

Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi wëllen e Vote par procuration ofginn.

(Appel nominal pour votes par procuration)

Domadder ass dës Projet de loi eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen ugehall.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Martine Hansen) et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. Gilles Baum), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton (par M. Georges Engel), Francine Cloeser, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup (par M. Jeff Engelen) et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

5. 7481 - Projet de loi portant introduction d'un article 42bis dans la loi modifiée du 31 janvier 1948 relative à la réglementation de la navigation aérienne

Mir kommen elo zum Projet de loi 7481 iwwert d'Aféierung vun engem Artikel 42bis am Gesetz iwwert de Loftverkéier. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Ech ginn d'Wuert direkt un de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Carlo Back. Här Back, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics

■ **M. Carlo Back (déi gréng), rapporteur.** - Här President, Här Minister, Kolleeginnen a Kolleegen, hei geet et ëm d'Reglement vun der Europäescher Unioun 376/2014 vum Europaparlament a vum Conseil vum 3. Abrëll 2014 iwwert d'„culture juste“ am Secteur vun dem Fluchberäich, also vun der Aviatioun.

Vu datt et e Règlement européen ass, brauche mir dat net an engem Gesetz hei ëmzesetzen. Mir fixéieren an dësem Projet de loi hei just d'Héicht vun de Strofe respektiv vun den Amendë fir zwou Situatiounen: fir déi Betriber am Fluchberäich, déi keng intern Reegele festhalen, wéi d'Prinzipie vun der Culture juste an hirem Betrib garantéiert an applizéiert ginn, an dann och fir déi Betriber, déi esou Reegele vu Culture juste hunn, mee se awer net an hirem Betrib applizéieren. Des Weidere gi Prozedure festgehalten, wéi dës Amenden applizéiert ginn.

„Wat ass elo d'Culture juste“, wäert Der Iech elo froen, „déi an deem Règlement vun 2014 am Fluchberäich festgehal gouf?“ Mir wëssen all, datt d'Fluchwiesen eng Aktivitéit ass, déi u sech héich Risiko mat sech bréngt, wou Sécherheetsdenken a Sécherheetskultur also ganz wichteg sinn. D'Sécherheet an dësem Secteur ass virun allem garantéiert duerch d'Applikatioun vu Sécherheetsprozeduren a -kontrollen.

D'Resultater vun der Applikatioun vun de Prozedure müssen dokumentéiert sinn an Ofwäichungen, also



Ecarten zu de festgehalene Prozeduren, müssen och dokumentéiert sinn. Wat natierlech weesentlech hei ass, dat ass, datt déi Dokumenter och un déi zoustänneg Hierarchie matgedeelt ginn, also weidergeleet ginn. Dës Philosophie hei soll an där ganzer Kette vum Fluchprozess stattfannen. Dëst concernéiert zum Beispill d'Maintenance vun de Fligeren, mee och de Fluch selwer.

Fir datt dës Sécherheetskultur ka fonctionéieren, muss et méiglech sinn, datt all Acteure vun dem Fluchwiesen dës Hierarchie informéiere kënnen, ouni Angscht a Behënnerung, iwwer esou kritesch Ecarten zu de festgehalenen Normen oder iwwer kritesch Evenementer, déi mat engem héije Sécherheitsrisiko verbonne sinn.

D'Deelen an d'Matdeele vun Informatiounen iwwer kritesch Evenementer oder Incidenten ouni Angscht viru Bestrafung ass an esou enger Kultur ganz weesentlech. Hei ass et och wichteg, datt d'Mataar-bechter aus dëse Feeler léiere kënnen. Dës Culture juste kann natierlech net e Verhalen akzeptéieren, wou bewosst Feeler gemaach ginn oder einfach Noléissegkeet d'Ursaach vun engem Ecart oder Accident oder souguer engem Incident ass.

Fir dat ze resuméieren, liesen ech aus dem Reglement, Artikel 2, vir, wat dat u sech an engem Saz gutt resuméiert: « une culture dans laquelle les agents de première ligne ou d'autres personnes ne sont pas punis pour leurs actions, omissions ou décisions qui sont proportionnées à leur expérience et à leur formation, mais dans laquelle les négligences graves, les manquements délibérés et les dégradations ne sont pas tolérés ».

De Projet de loi ass vum Minister Bausch den 8. Oktober 2019 deposéiert ginn. A sengem Avis vum 10. Juli 2020 huet de Staatsrot dräi Opposition-formelen zu dësem Projet de loi gemaach. Eis Kommissioun huet an der Sitzung vum 17. September 2020 dëse Projet de loi analyséiert. D'Oppositions formelles vum Staatsrot konnten duerch Amendements parlementaires opgehewe ginn. De Rapport, esou wéi en lech hei virläit, ass de 4. März 2021 vun der Kommissioun fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten ugehall ginn.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren a ginn och heimat den Accord vun der grénger Fraktioun.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools dem Här Rapporteur Carlo Back.

Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Aly Kaes agedroen. Här Kaes, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

■ **M. Aly Kaes (CSV).** - Merci, Här President. Merci och dem Här Back fir all déi Erklärungen, déi e ginn huet zu deem dach méi technesch an administrative Volet. Ech ka vläicht soen, datt et natierlech drëm geet: Aviatioun ass eppes, wou all Feeler kann derzou féieren, datt vill Leit der Doud fannen. Duerfir muss do eng absolutt Präzisioun sinn. An iwwert dee Volet hei gëtt den Oflaf vun all deem, wat virdu geschitt, wann e Fliger fit gemaach gëtt respektiv wa soss iergendwellech Interventioun geschéien, nach méi kloer. Dat gëtt am Detail festgehalen an et kann een à tout moment novollzéien, wie responsabel ass fir wat fir een Akt, dee gemaach ginn ass. Ech mengen, dat ass effektiv an der Aviatioun ganz wichteg.

Dat gesot, géif ech och den Accord vun der CSV-Fraktioun ginn.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Kaes. Ech ginn d'Wuert direkt weider un den honorabelen Här Max Hahn. Här Hahn, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Max Hahn (DP).** - Merci, Här President. Ech mengen, ech war seelen esou averstane wéi dës Kéier mat deem, wat den Här Aly Kaes gesot huet. Ech géif just dann nach dem Rapporteur villmools Merci soe fir seng zwee Rapporten, souwuel säi schrëftleche wéi säi mündlechen, an den Accord gi vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei. Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Hahn. D'Wuert huet elo déi honorabel Madamm Cécile Hemmen.

■ **Mme Cécile Hemmen (LSAP).** - Merci, Här President. Merci och dem Rapporteur fir souwuel säi schrëftleche wéi och säi mündleche Rapport.

Dir erlaabt, dass ech vläicht nach e klengen Zousaz gi vun deem, wéi et sech a Frankräich verhält, wat net oninteressant ass. Well do ass dat EU-Reglement schonn an nationaalt Recht ëmgasat ginn. Ech géif mech do just eng Kéier kuerz op den Observatoire vun der Culture juste wëlle referéieren. Esou e Gremium wäerte mer jo hei zu Lëtzebuerg och schafen. Do kann een dann elo noliessen an deem éischte Rapport, dass sech bis ewell just mat dräi Fall befaasst gouf. An dovunner ass emol een, deen emol nach guer näischt mat der Culture juste ze dinn hat.

Wat seet eis dat? Ma dat seet eis ganz einfach, dass de Bekanntheetsgrad vun dësem Observatoire

eigentlech nach guer net héich ass, an dee muss natierlech gesteigert ginn. Ech géif mengen - an domadder géif ech dann och vläicht en Appell maachen un den Här Minister an och u säi Ministère -, dass et wierklech wichteg ass, fir e beschtméiglechen Iwwergang ze garantéieren, dass déi zoustänneg Acteuren net nëmmen informéiert, mee awer och gutt begleet ginn.

D'Publizéiere vun esou engem Guide vun der Culture juste, wéi dat a Frankräich och geschitt ass, ass sécherlech eng Pist, déi een eventuell verfollege kann. Mee et wäert awer héchstwahrscheinlech och nach aner Moossname brauchen. D'Culture juste ass jo net nëmmen am Interêt vun all Passagéier oder soss Fliger- respektiv Buedempersonal, mee och am Interêt vun Findel als en ekonomesch Standbee vun eisem Land.

Dofir ginn ech och natierlech den Accord vun der LSAP-Fraktioun fir dëse Gesetzestext a soe Merci fir d'Nolauschteren.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Madamm Cécile Hemmen. Ech ginn d'Wuert weider un den honorabelen Här Jeff Engelen. Här Engelen, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Jeff Engelen (ADR).** - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir unzefänken e Merci dem Här Carlo Back fir säi schrëftlechen a mündleche Rapport. Et ass deem net méi vill bäizefügen. Ech mengen, et muss ee soen: All Initiativ, fir d'Sécherheet an der Loft betreffend d'Aviatioun ze verbessern, ass ze begrëssen. An duerfir wäerte mir och dësem Gesetz zoustëmmen.

Dëst baséiert op engem EU-Reglement. Mee erlaabt mer awer, nach eng Remark ze maachen zum Avis oder op Basis vun der Chambre de Commerce. Si schreien: „D'Missiounen an d'Kompetenze vun deem Organ, wat dëst Gesetz iwwerwaache soll, sinn am Règlement grand-ducal juristescht net genee definéiert, wat zur Sécherheetssituatioun um Findel kann eventuell nodenklech stëmmen.“

Meng Fro wier: Ass dat internt Reglement, wat ënner Artikel 3 virgesinn ass, wat zitéiert gëtt, ass dat do virgesinn? Oder gëtt nach eng Erweiterung vum Règlement grand-ducal gemaach? Ech mengen, dat wier awer eng wichteg Fro, déi ee misst beäntwert kréien.

Ech soen lech Merci fir Är Opmierksamkeet.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Engelen. De leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen.

■ **M. Marc Goergen (Piraten).** - Merci, Här President. Merci dem Carlo Back fir dee gudden Rapport.

Mir hunn nach eng Bemierkung zum Avis, déi d'Chambre de Commerce gemaach huet, wou se opgeworf huet, dass hir am Gremium och e Vertrieeder vun der Gewerkschaft géif feelen. Dat kann ee vläicht an Zukunft nohuelen, fir dass dat net ze eesäiteg ass.

Mee am grouse Ganze gi mir awer eis Zoustëmmung zu dësem Projet. Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Mobilitéitsminister François Bausch.

Prise de position du Gouvernement

■ **M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics.** - Merci, Här President, un all déijéineg, déi eppes gesot hunn a virun allem déi Zoustëmmung bruecht hunn. Et ass ëmmer flott, wann een als Regierung fir e Projet 60 Stëmme kritt. Dat ass dann hei de Fall an duerfir kann ech mech och ganz kuerz faassen. Merci!

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Bausch. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7481. Den Text steet am Document parlementaire 7481¹.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7481 et dispense du second vote constitutionnel

Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi wëllen e Vote par procuration ofginn.

(Appel nominal pour votes par procuration)

Domadder ass dëse Projet de loi eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen ugehall.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Martine Hansen) et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi,

Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup (par M. Jeff Engelen) et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

6. Question élargie n° 75 de M. Marc Spautz relative au bien-être au travail

Den nächste Punkt um Ordre du jour vun de Mëtten ass d'erweidert Fro Nummer 75 vum Här Marc Spautz iwwert de Bien-être op der Aarbecht. Den Auteur vun der Fro huet fënnf Minutten Zäit, fir seng Haaptfro an no der Äntwert vum Minister eventuell eng Zousazfro ze stellen, an der Regierung stinn zéng Minutten zou. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

An den Här Minister ass do.

■ **M. Marc Spautz (CSV).** - „D'Wirtschaft muss dem Mensch dengen an net de Mensch der Wirtschaft.“ Dat, Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, war am Fong dee wichtigste Message, dee mer virun iwwer engem Joer heibannen haten, wéi mer an der Interpellatioun iwwert de Bien-être au travail geschwat hunn.

De Mensch muss am Mëttelpunkt stoen. Mir sinn all Menschen. Mir sinn all ënnerschiddlech. Déi eng empfangen eppes als Mobbing a Stress, wat déi aner als normal empfangen. Déi eng kennen hir Stärkten an hir Schwächen an hir Grenzen an aner kenne se net. Déi eng wëssen, wéi a wou se hir Zäit am beschten investéieren an hir Stärkten optimal asetzen, a si wëssen, a wat fir engem Beräich si manner begaabt sinn an op Hëllef ugewise sinn.

Fir dass awer de Mensch am Mëttelpunkt ka stoen, brauch hien eng Schaff. Eng Aarbecht muss e Grondbedierfnis vun engem Mensch sinn. Awer mir hunn och Chômage, Inklusioun, awer mir sinn, an absolutten Zuele gekuckt, nach verwinnt hei zu Lëtzebuerg am Verglach zum Ausland.

Mir hunn awer säit dem Februar 2020 och de Covid, nei Aarbechtsformen, 12-Stonne-Schichten an der Santé an aner Schichte fir Botz-, Logistik- a Fuerpersonal, fir deenen neie Bestëmmungen hygieenescher Natur Rechnung ze droen. An deene Leit, souwuel deenen an de Spideeler wéi och deenen aneren, gëllt eise grouse Respekt. Am Ufank hu mer dat ëmmer owes mat Klappe gemaach, duerno ass et vergiess ginn, mee ech hoffen, dass mer déi Leit och no der Kris net vergiessen.

Teletravail ass normal ginn, Homeworking och, Zwangsbetriebsschlëssunge gëtt et, eppes, wat ee sech net konnt virstellen, Chômage partiel. Alles dat huet eist Beruffs- an eist Familljeliewe geännert, an de Jubel bei ville Leit am Ufank fir den Teletravail ass an Tëschenzäit e bësse méi duuss ginn, wou déi eng sech Froe stellen, ob dat gutt ass, dass een esou vill Teletravail mécht, an déi heiansdo léiwer géifen op d'Aarbecht goen, fir och emol eng Kéier en anere Mensch ze gesinn.

D'Grenzen zwëschent privatem an ëffentlechem Liewe sinn net méi richtig ze fannen. Mobbing an Harcèlement hunn zougehall. Physescht a psychesch Problemer si méi grouss ginn. Existenzängscht si bäikomm. De Medikamentemëssbrauch - „Mëssbrauch“, soe mer, ass e schlecht Wuert -, éischter de Medikamentekonsum ass vill méi grouss gi bei Medikamenter, déi een ouni Rezept erauskritt.

D'Relatiounen zwëschent Privatlieden a Beruffsliewen hunn och eng grouss Bedeitung. Kann een do nach d'Trennung maachen zwëschent Privat a Beruff, wann een doheem schafft? Kann een déi Trennung nach maachen? Kann ee sech nach mat sengem Betrib familiariséieren, wann een net méi an de Betrib geet? Alles dat huet och mat Gesondheet a mat Aarbecht ze dinn.

An am Februar 2020 hu mer eng Motioun ugehall, déi ënnerschriww war, mat Ausnam vun eise lénke Kolleegen, deemools vun alle Parteien heibannen. Do hu mer deemools den Aarbechtsminister opgefuerdert, eppes ze maache fir d'Promotioun vum Bien-être au travail, wou mer mam Aarbechtsminister driwwer geschwat hunn, mir bräichten eng Re-

glementatioun, fir den Teletravail ze regléieren. Du wousste mer nach net, wat géif vun Donnerwieder - schwätz Covid, deen esou laang dauert - op eis zoukommen.

Mir hunn deemools geschwat, wat een alles nach soss misst kucken, fir en Travail à distance och nach an anere Saache méiglech ze maache wéi eleng am Sekretariat. Mir hunn driwwer geschwat, wéi et mam Temps de travail wier, dee mer anescht missten organiséieren, fir d'Familljeliewen an d'Beruffsliewen openeen ofzestëmmen, ob een do net aner Aarbechtszäite brauch.

An do gëtt et jo zanter gëschter, mee den Aarbechtsminister weess dat, elo och en Urteel vum Europäesche Gerichtshaff, net iwwer Lëtzebuerg, mee en anert, wéi et viruegt mat de Permanenzen, ob fir déi Leit, déi Permanenzen huet, déi an Zukunft als Aarbechtszäit ugerechent ginn oder ob dat keng Aarbechtszäit ass. An do weess ech aus mengem fréiere Liewen, dass et Kollektivvertrag gëtt, wou dat ënnerschiddlech behandelt gëtt, wat mat der Permanence ass. Och dat spillt elo do mat dran.

Wéi ass et mat der Sécurité au travail? Wéi ass et mat der Gewerbeinspektioun? Dat waren alles Punkten - ech kéint elo nach virufueren. Mir hunn nach geschwat, wéi et ass mat de Konventiounen vun der ILO, wou mer der jo och eng Rei an Zwëschenzäit ëmgasat hunn. Mir hu geschwat vun der Médecine du travail, wou e Wiessel soll stattfannen, fir elo nëmmen déi nach eng Kéier heibannen ze nennen.

A mir geet et haut am Fong just drëm, wuel wësend, dass de Covid aner Prioritéite gestallt huet, fir vum Aarbechtsminister gewuer ze ginn, wou mer an deenen eenzelne Punkten dru sinn. Well grad och elo an der Covidzäit an esou fir déi Evenementer, déi mer net kann hu virdrun - dat mat de Betribsschlëssungen, dat mat dem Teletravail, wou ech scho virdrun drop higewisen hunn, dass verschidde Leit soen: „Ech wëll erëm eraus! Ech wëll erëm eraus an ech wëll op d'Aarbecht!“ -, wéi ass et do mat de Reglementatiounen, fir dass et do net kann zu Abuse féieren?

Wou si mer do drun, Här Minister? Respektiv wéi gesinn d'Planungen aus, fir an den nächste Wochen a Méint an där Matière weiderzegoen?

Villmools merci!

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Spautz. D'Regierung huet d'Wuert, de Vizepremier an Aarbechtsminister, den Här Dan Kersch.

■ **M. Dan Kersch, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.** - Här President, merci fir d'Wuert. Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wëll ech dem Här Spautz Merci soe fir seng Question élargie. Ech mengen, dass dat heiten och erëm e gudden Moment ass, fir déi Motioun nach eng Kéier ze erwänen, déi quasi eestëmmeg viru gutt engem Joer hei ugehall ginn ass.

Ech wëll och ganz kloer dat soen oder ervirsträichen, wat den Här Spautz selwer och scho gesot huet, dass natierlech eise Programme de travail sech geännert huet, dass d'Prioritéiten aneschters gesat gi sinn, wéi mer eis dat virgestallt hunn, opgrond vun der Covidkris, déi viles op d'Kopp gehäit huet. Et kann ee scho bal soen, dass mer elo während engem Joer am Ausnamezoustand fonctionéieren. Dat zielt net nëmmen fir den Aarbechtsministère, mee awer och a virun allem fir den Aarbechtsministère.

D'Covidkris huet d'ganz Land an awer och ganz besonnesch d'Aarbechtswelt viru ganz grouss Erausforderunge gestallt, souwuel d'Betriber an déi Leit, déi déi Betriber droen, wéi och d'Salariéien, déi an deene Betriber schaffen.

Et sinn Ännerunge komm innerhalb vun e puer Wochen, vun e puer Deeg heiansdo, fir déi ee soss vläicht Jore gebraucht hätt. Ech ginn nëmmen d'Beispill vum massiven Ausbau vum Chômage partiel, wou ech mech staarkgemaach hat, dass déi schaffend Leit an deenen onsécheren Zäiten an och déi Betriber, an deenen déi Leit schaffen, keng Angscht müssen hunn, eleng gelooss ze ginn, an dass se virun allem keng Angscht müssen hunn, hir Aarbecht direkt ze verléieren.

Wat mer virdrun als Bien-être au travail definéiert haten, wou mer eis alleguerten zesumme wëilten derfir asetzen, do hu mer eng aner Prioritéit geschaaft, fir iwwerhaupt emol d'Aarbecht ze erhalen.

Och dat war net ëmmer evident, dat ass ganz kloer. Verschidde Mol ass dat och net gelongen. Och wa mer d'Ziel vun de Faillitten am Joer 2020 konnten op engem Niveau halen, wéi mer et och schonn an deene Joer virdu gewinnt waren, war deem awer net iwwerall Erfolleg beschidden. Déi Moossnamen hunn net iwwerall gegräff an eenzel Faillitte si ganz kloer schonn op d'Covidkris zrëckzeféieren.

Den Teletravail, an och dat ass elo virdu gesot ginn, ass effektiv massiv ausgebaut ginn. An ech sinn och frou, dass an där „heißer Phase“, wéi ee